Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Viru kuerzem sinn eng Rei Beem laanscht d'Strooss ersat ginn, sou zum Beispill tëscht Lenzweiler an dem Rond-Point beim Antoniushaff an der Gemeng Wëntger. Op anere Strecke mierkt een, datt eng Rei Beem abiméiert oder futti sinn, wéi z.B. tëscht Méchela an Ierpeldeng- Sauer, wou etlech Bierken hir Äscht verléieren, déi dann op d'Strooss falen. Dacks stellen dës Beem also e Sécherheetsrisiko duer.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Wéi steet et allgemeng ëm d'Gesondheet vun eise Bamalleeën?*
- *Wéi vill krank Beem mussen an noer Zukunft gehae ginn?*
- *Wat fir eng Strategie verfollegt de Mobilitéitsministere wat den Erhalt respektiv d'Neiuplanzung vu Bamalleeën am Land ugeet?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten